Org. Ouljer Musek

# Trëppel an de Mee

## 30. Abrëll 2023

### Häerzlech wëllkomm op eisem kulinareschen Trëppeltour!

## De Menü

| | |
|---|---|
| 1. Statioun (Millen, Ouljen) | Amuse-Bouche mat engem Glas Meebowle |
| 2. Statioun (Centre Culturel, Ouljen) | Frësch Meloun mat Ham an e Patt Cabernet Blanc |
| 3. Statioun (Zillerei) | Sorbet aus wäissem Kéis mat Quetschen |
| 4. Statioun (Centre sportif, Rued-Sir) | Rouladen resp Wirsingrouladen mat Gromperen a Geméis |
| 5. Statioun | eng Dräppchen oder e Likör aus lokaler Produktioun |
| 6. Statioun (Centre Culturel, Ouljen) | Kaffi an Dessertsbuffet |

Op all Statioun kritt Dir zousätzlech Gedrénks ze kafen.

Op der 2. a 4. Statioun kënnt dir zousätzlech e Wupp fir d'Kanner kafen.



## De Wee

Vun der Mille fort geet et uewen op der Strooss riets iwwert d'Bréck an d'Eisebunn fir da riets op de Flouerwee anzebéien.

Op der nächster Kräizung geet et riets Richtung „Ouljen Center", iwwert d'Schinnen a laanscht d'Kierch. Dann nach just iwwert d'Strooss an de **Centre Culturel**, wou Iech d'Entréee servéiert gëtt.

No der klenger Ofkillung geet et nees zréck an d'**Kierchestrooss**, iwwert d'Barrière an iwwert d'Syre. Op der Kräizung wou dir haut scho waart, geet et dës Kéier no riets Richtung Rued-Sir. Um hallwe Wee op Rued erbléckst dir schonn déi nächst Statioun. Hei waart eng lecker Erfrëschung op Iech.

Weider geet et Richtung Rued-Sir. No den éischten 2 Haiser kommt dir an der **rue du Moulin** eraus. Hei geet et no riets a geschwënn ënnert der Eisebunn erduerch. Direkt nom Tunnel geet et lénks dem klénge Piedchen no op d'**Gare**. Lo gitt dir riets de Bierg erop, a kommt uewen an der Ouljer Strooss eraus. Gitt no lénks weider laanscht déi al Kierch, Richtung nei Kierch. Virun der neier Rieder Kierch geet et riets de klenge Stouss erop an de Schoulhaff a vun do riicht an de **Syrkus** bei den Haaptplat.

Gutt gestäerkt maacht dir iech elo op de Wee zréck op Ouljen. Gitt zréck duerch de Schoulhaff a lénks am Eck **d'Trapen erop**. Uewen iwwert d'Spillplaz eraus op d'Strooss an dann orientéiert dir iech uewe Richtung Kierfecht a Bësch. No e puer Meter, hannert dem leschten Haus geet et awer schonn nees riets e Pad eran. D'Trapen erof kommt dir an der **Cité a Millesch** eraus. Dir dréit no lénks, gitt iwwert d'Strooss an déi aner Strooss eran a dann duerch d'Cité bis dir hannen an der **rue Hierdegaart** erauskommt. Hei dréit dir no lénks, biergop. Op der nächster Kräizung, geet et **net** weider Richtung Bësch mee no riets. De klenge Stouss erop kommt dir bei de **Waasserbaseng**. Hei kënnt dir iech kuerz erblosen an eng lescht kleng Stäerkung huelen, ier dir iech op de Wee, de Bierg erof, bei den Dessert maachen.

Wann dir de Bierg erofkommt, gitt dir op der Kräizung de Flouerwee no riets. Et geet lo laanscht e **groussen Haff**. Lo heescht et nach eng Kéier kuerz gutt oppassen op der Strooss, wann dir no lénks biergof op Ouljen an zréck an de Centre Culturel gitt.

No engem gudde Kaffi an eppes Séissem kënne mir hei den Owend gemittlech zesummen ausklénge loossen.

**Bei all Statioun** (ausser beim Sorbet) **fannt Dir Toiletten!**

P.S. De 14. Mee ass grousse Blummemaart hei zu Ouljen

## Ënnerwee

Mir bieden Iech folgend Reegelen ënnerwee ze respektéieren :

- Ëmmer um Wee bleiwen
- Den Dreck geet mat an déi nächst Dreckskëscht
- De Kaméidi a Grenzen halen
- Kee Feier ënnerwee maachen
- D'Hënn mussen un der Léngt bleiwen
- D'Natur respektéieren an näischt futti maachen




Sollt Dir ënnerwee iergend ee Problem hunn, rufft um Tourtelefon un:




621 240 928

(Steve Elcheroth)



① Départ
Arrivée ⑥
②
③
④
⑤
Olingen
Roodt-sur-Syre
Gare de Roodt
Alternativ tëschent
Statioun 4 a 5
(rue d'Olingen, cité a Millesch)
komoot
Birken
Jeich
Béiwelek
Blaasselt
Steen
Alewee
Kiem
beim Kiem
Breetfeld
Tronk
Fëschbech
Poweléck
Nurris
Kaatzbech
Laangheck
Laag
Bongert
Lauschbich
Brill
Botterwis
Faascht
Mëlbe
Soud
Brédendréisch
Sauerwiss
Strooss
Banzelt
Keismaart
Riedel
Hiirden
Lëtschewiss
Grönnchen
ënner dem
Widdebierg
Plakert
Jongludesbierg
Widdebierg
Riedgen
Kuelesbaach
Rue d'Olingen
Rue de Mensdorf
Sir
CR134
CR122
N1